Administration Communale

BEAUFORT

(Grand-Duché de Luxembourg)

JNE/COVID-19/2020-05_L_F

Beefort, de 17. Abrëll 2020

# Léif Awunner aus der Gemeng Beefort,

de leschte Mëttwoch huet d'Regierung beschloss d'Ausganksbeschränkungen opzelockeren. An der éischter Phase ginn ab ee Méindeg, den 20. Abrëll, folgend Aktivitéiten erëm opgeholl: d'Reprise vun de Chantieren, Ënnerstëtzung a psychosozial Hëllefsdéngschter am Bildungsberäich, Aktivitéiten vu Gäertner a Landschaftsgäertner, Baumäert an d'Ouverture vun de Recyclingzenteren. Des Weideren ass virgesinn, datt d'Schoule rëm uginn. De virleefege Plang gesäit folgend Reprise vir: 4. Mee fir d'Ofschlossklassen, den 11. Mee am Secondaire (Phase 2, provisoresch) an de 25. Mee an der Primärschoul (Phase 3, provisoresch). Soubal den offizielle Communiqué fir d'Sammelstell fir de Gréngschnëtt zu Eppelduerf (12, route de Beaufort) kënnt, da geet déi dann och op. Déi Informatioun gëtt dee Moment iwwer eis Kanäl matgedeelt.

Versammlungen a gréisser Manifestatioune si bis den 31. Juli annuléiert. Jiddereen ass gebiede weiderhin doheem ze bleiwen an dat betrëfft zemools Leit iwwer 65 Joer an déijéineg, déi zu de Risikogruppe gehéieren.

Et ass immens wichteg drop hinzeweisen, datt bei der Reprise vun den Aktivitéite ganz streng Hygienevirschrëfte gëllen. Wann de sanitäre Sécherheetsofstand vun zwee Meter net kann agehale ginn, da musse Leit bei Sortien hire Mond schützen, sief et mat enger Mask, engem Schal, engem Buff (Schlauchduch, Multifunktiounsuch, wat een ëm den Hals, Kapp an Arem kann undoen) oder engem Foulard. Dat gëllt och beim Benotze vum öffentlechen Transport.

**All Persoun, déi an der Gemeng Beefort offiziell ugemellt ass, kritt gratis ee Kit mat 5 Masken an een Informatiounsblad. Ee Beispill: Een Haushalt mat 4 Leit, déi alleguer op där Adress offiziell ugemellt sinn, kritt (4x5) 20 Masken. D'Maske ginn an Zesummenaarbecht vum Gemengepersonal a CGDIS agepaakt a verdeelt. Et brauch ee se net op d'Gemeng sichen ze kommen. Wa keen doheem ass, da leien d'Masken an der Bréifboîte.**

De Beeforter Schäfferot huet och ee Bréif un d'Ministerpresidentin vum däitsche Bundesland Rheinland-Pfalz geschéckt mat der Opfuerderung am Sënn vum europäesche Geescht an der jorelaanger gudder Zesummenaarbecht an der Grenzregioun d'Grenzen erëm opzemaachen (Sauerbréck zu Déiljen).

Mir soe villmools Merci fir Är Gedold an dësen Zäiten a weider Informatioune ginn et ewéi gewinnt op eise verschidde Kanäl vun der Gemeng.

## Chers habitants de la commune de Beaufort,

le mercredi dernier le gouvernement a décidé une levée progressive des mesures de confinement et ceci à partir du lundi 20 avril. La première phase porte sur la reprise des activités suivantes : relance des chantiers, activités d'aide et d'assistance psycho-sociale dans l'éducation, activités des jardiniers et paysagistes, commerces dont l'activité principale est le bricolage et la réouverture des parcs de recyclage. Les cours vont également reprendre à savoir à partir du 4 mai pour les classes terminales, 11 mai l'enseigenement secondaire (phase 2 et date indicative), 25 mai l'enseignement fondamental (phase 3, date indicative). Dès que le site des déchets verts à Eppeldorf (12, route de Beaufort) recevera le communiqué officiel, il sera également ouvert. Ce message sera envoyé par nos différents réseaux.

Les rassemblements restoront interdits jusqu'au 31 juillet. Les mesures de confinement restent en vigeur, c'est-à-dire de rester à la maison et ceci surtout pour les personnes vulnérables et personnes plus de 65 ans.

Très important : toute reprise d'activités sera accompagnée de gestes barrière très stricts et complétée par le port obligatoire du masque ou de tout autre dispositif permettant de recouvrir le nez et la bouche pour les situations de contact interpersonnel si la distance de sécurité sanitaire de 2 mètres ne peut être garantie. Ceci vaut également lors de l'utilisation des transport publics.

**Chaque personne officiellement enregistrée dans la commune de Beaufort recevra gratuitement un kit avec 5 masques et une feuille d'information. Exemple : un ménage avec 4 personnes, toutes officiellement enregistrées à cette adresse, recevra (4x5) 20 masques. Les masques seront emballés et distribués par le personnel de la commune en collaboration avec le CGIS. En cas d'absence, les masques seront déposés dans la boîte aux lettres. Il ne faut pas se déplacer à la maison communale pour les obtenir.**

Le collège échevinal a également invité dans une lettre à la ministre-présidente de la Rhénanie-Palatinat Malu Dreyer d'ouvrir les frontières entre l'Allemagne et le Luxembourg, de respecter l'esprit européen et de soutenir les bonnes relations dans la zone frontalière (pont de Dillingen).

Nous vous remercions profondément pour votre patience dans la situation actuelle et les messages urgentes seront communiqués via le site internet, facebook et par sms.

**!!! BLEIFT DOHEEM A GESOND !!!**

**!!! RESTEZ A LA MAISON ET DE BONNE SANTÉ !!!**

**Le collège échevinal**

**Camille Hoffmann Jean-Luc Nosbusch Emile Wies**